

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaat
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Logementsminister weiderzeleeden.

An engem rezenten Interview, deen den 12. Juli ënnert dem Titel "même droits et mêmes obligations pour tout le monde" am Tageblatt publizéiert gouf, sot de Generalsekretär vun der "Fédération des artisans", datt verschidden Handwierksbetriber d'Iddi an d'Gespréich bruecht hätten, fir opgrond vun der ugespaanter Situatioun um Wunnengsmaat eege Logementer fir hir Mataarbechter bereet ze stellen, mee datt si doropshin "Paternalismus" virgehäit kruten an hinnen ënnerstallt gouf, "Aarbechterstied" wëllen ze ariichten. Dobäi handelt et sech hei em e Modell, fir dee mir zu Lëtzebuerg notamment de Prezedenzfall vun der ARBED kennen, déi am Minett groussfläheg Logementer fir hir Mataarbechter bereetgestallt hat. Den uewen zitéierten Interviewgaascht kéint sech duerfir virstellen, fir eng Konventioun mam Logementsministère ze ënnerschreiwien, fir dëse schlechten öffentlechen Image ze verbessern.

Duerfir géif ech dem Här Logementsminister gär des Froe stellen:

- 1) Sinn dem Här Logementsminister des lwwerleeunge bekannt? Wa jo, kann hien d'Positioun vun der Regierung an der Saach elaboréieren?
- 2) Kéint den Här Logementsminister sech virstellen, eng privat-staatlech Initiativ ze lancéieren, fir de privaten Acteuren hei notamment en einfachen administrative Kader an eng entspreichend öffentlech Opklärungsarbecht ze erméiglechen?

Mat déiwem Respekt,


Roy Reding
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
5, rue Plaetis

L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 19 JUIL. 2021

Dossier suivi par:
Stéphane Andreolli
☎ 247-84812
✉ qp@ml.etat.lu

Ntr.réf.: 2021/QP4665/Reding/rép Min/sa

Concerne : Question parlementaire n°4665 du 14 juillet 2021 posée par l'Honorable Député Roy REDING concernant la construction de logements par le patronat.

Monsieur le Ministre,

En réponse au courrier électronique du 15 juillet 2021 en relation avec l'objet sous rubrique, j'ai l'honneur de vous transmettre en annexe à la présente la réponse du Ministre du Logement quant à ladite question parlementaire.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre au Président de la Chambre des Députés.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Pour le Ministre du Logement



Mike MATHIAS
Premier Conseiller de Gouvernement

Äntwert vum Här Henri Kox, Wunnungsbauminister op d'parlamentaresch Fro n°4665 vum 14. Juli 2021 vum den éierbaren Députéierten Roy Reding zum Thema « construction de logements par le patronat ».

Et goufen iwwert déi lescht Joren eng Rei Reunionen tëscht Patronatsvertrieder an dem Wunnungsbauministère, wou dëse Sujet ugeschnidde gouf. De gesetzlech Kader fir esou Wunnungsbauintiativen existéiert.

Am Artikel 20 vum Wunnungsbaugesetz vum 1979 ass virgesinn, dat de Bau vun « foyers d'hébergement pour travailleurs étrangers ou demandeurs d'asile » staatlech ënnerstëtzt ka ginn. De Bau vun Aarbechter-Foyeren ass awer bis elo ni ugefrot ginn. Et gëtt sécherlech zu Lëtzebuerg zënter dem Ufank vum 20ten Joerhonnert d'Traditioun fir statt Aarbechterfoyeren éischter Wunnengen ze bauen, wou déi ganz Famill vum Aarbechter en Ënnerdaach fënnt . Well un rengen « Aarbechterfoyeren » bis haut awer keen Interessi besteet, ass net virgesinn dës Piste auszubauen.

Donieft gëtt et awer och d'Méiglechkeet, dat Betriber sech zesummendinn a gemeinsam Organisme schafen, déi no den Dispositiounen vum Artikel 30ter vum uewe genannte Wunnungsbaugesetz Locatiounswunnenge schafen a verlounen. Fir d'Regierung ass awer dobäi wichteg, dat dës Wunnengen dann och no novollzéibare Krittären attribuéiert ginn an d'Locatairenen no de Reegele vum Mietgesetz e Mietvertrag kréien, deen net un en Aarbechtsvertrag bei engem bestëmmte Patron gekoppelt ass. Et wier effektiv weder den Handwierksbetriber nach de Leit gehollef, wa bei all Wiessel vum enger Aarbechtsplaz och e Wiessel vum der Wunneng fir déi ganz Famill géing ustoen.